



**mouvement
écologique**

RIED VUN DER PRESIDENTIN BLANCHE WEBER
KONGRESS, 21. MÄRZ 2024

Leif Memberen, Leif Frënn,

De Mouvement Ecologique wuar bis elo an der Bewäertung vun der Regierungsaarbecht no baussen nach méi zeréckhalend. De Koalitiounsaccord ass esou, datt e villes zouléisst, ma en ass och a groussen Deeler vage an et ass net erkennbar, a wéi eng Richtung et soll goen. Mir wollten der neier Equipe duerfir eng Chance ginn, sech opzestellen an d'Prioritéite festzeklappen.

Ma déi Zäit ass elo eriwwer! Mir fänken un nervös a beonrouegt ze ginn, wat dës Legislaturperiod aus Siicht vun der nohalteger Entwécklung bréngt wäert.

Mir wuare jo vun der neier Regierungsequipe am Kader vun de Koalitiounsverhandlungen op **Senneng** geruff ginn. Dat wuar eng Première, d'Virgängerregierungen hu kéng Ëmwelt-Organisatioun an där Form zu den Diskussiounen ëm de neie Koalitiounsaccord agelueden. Ma d'Fro ass: Wuar déi Aluedung en éierlechen Interessi fir der Ekologie en héije Stelleväert ze ginn an och den Ëmweltorganisations selwer? Oder wuar et e clevere Schachzuch fir sech en ekologeschen Ustrach ze ginn, well gewosst ass, datt grouss Deeler vun der Gesellschaft eng ekologesch Politik erwaarden? En éierlecht Uleies oder eng PR-Aktioun, dat ass d'Fro déi mäer ufänken eis ze stellen.

Bis elo ass nach ëmmer ganz wéineg bekannt wat a konkreten Dossieren am Nohaltegkeetsberäich geschitt oder geschéie soll. Eng Linn vum Ëmweltministère ass nach esou guer net ze gesinn. Erkennbar ass och net op ekologesch Froestellungen, z.B. am Finanz- oder Wirtschaftsministère, eng richtig Roll spillen. Och d'Resultater vum Landwirtschaftsdësch sinn an deem Beräich net kloer. Wann den Ëmweltminister do derbäi souz wuar dat wuel éischer, fir datt hee soll héieren wéi eng Prozeduren e soll vereinfachen, als datt heen do um Dësch d'Stëmm vun der Ëmwelt vertraueden hätt. Gesot ze kréie wat hee muss maachen amplaz d'Postur ze hunn selwer Prioritéiten däerfen oder wëllen ze setzen!

Wat een awer matkritt, dat ass dat nach ëmmer den héchst problematesche Sproochgebrauch aus Walkampfzäiten ze gëlle schéngt: „Fir e pragmateschen Ëmweltschutz“ oder „Eng Ëmweltpolitik, déi de Leit net op d'Nerve geet“.

Ökologie als Prozedureproblem! Prozedure méi kuerz an efficace maachen, administrativ Problemer ofbauen just dat ass a punkto Nohaltegkeet an de leschte Wochen ze héieren. Just fir et kloer ze stellen: als Mouvement hu mäer an der leschter Legislaturperiod X mol e.a. dem Ëmweltministère an och anere gesot, datt et onsënneg Bestëmmunge gëtt wann ee well eng Solaranlag opriichten a grad esou problematescher déi der Biodiversitéit näischt notzen, ma d'Leit géint d'Ëmweltcause opbréngen! Datt et onnéidege Sträit géif ginn a Projeten zäitlech blockéiert wäeren, wéinst Topegkeeten, während op anere Plazen d'Biodiversitéit eis ënnert de Féiss géing ewech brieche. Do missten dringend Ännerunge kommen. Reageiert gouf deemools wéineg. D'Kritik vu ville Leit u schlechte Prozedure versti mäer dowéinst absolut a jo, ënnert der leschter Regierung goufen do Feeler gemaach.

Ma datt am Ablack just vun der Ökologie geschwat gëtt, vun dem Naturschutzgesetz e.a., wann et ëm Prozedure geet, ass en No-Go. Et ass en totaal Verkënn vum der Situatioun. Während eis Déieren a Liewensraim zu Lëtzebuerg weider ofhuelen, et och risegrouss Problemer bei der Waasserqualitéit gëtt, d'Energietransitioun net wéi néideg viru geet a villes méi.... gëtt gemaach, wéi wann d'Prozeduren de gréisste Problem wieren.

Et ass gewosst: déi ekologesch Transitioun wäert eis als Gesellschaft muenches ofverlaangen, och wa kee Wee derlaanscht féiert. Déi nächst Generatioun kann net méi esou liewen, wéi mäer haut. A Liewensgewunnechte veränneren ass eppes, wat net esou einfach geschitt. Ma et klappt dann, wann een engersäits kloer **déi reell Ursaache vun de Problemer benennt**, seet **firwat** déi Changementer musse sinn, datt kee Wee derlaanscht féiert an **zousätzlech déi positiv Auswierkunge** vermëttelt. Dat banaalt Bild: Wann en Dokter e Patient mat engem héije Kierpergewiicht aus gesondheetleche Grënn well derzou beweegen ofzehuelen, seet e jo net: „Gesond Ernährung nervt“ a mengt de Patient wär sech trotzdeem der Situatioun bewosst a géing méi gesond liewen. Ma e mécht de Patient op seng gesondheetlech Problemer opmierksam a leed duer, datt e wann en ofhëlt oder sech anescht ernäert méi laang liewe wäert, sech vill besser spiere wäert, sech mei beweegen kann, gesond Ernährung eigentlech och super schmaacht a viles méi.

Ma à ce stade seet eis Regierung, fir beim Bild ze bleiwen,: „Gesond Ernährung nervt“.

Eis Biodiversitéit, de Klima ... ob déi mer all ugewise sinn, just als Störfaktor?! Woubäi et beim Beispill vun eisem Patient just em hee selwer geet. **Bei der Energie- a Klimakris geet et ëm d'Iwwerliewe vun der Mënschheet op dem Planéit an niewent der individueller ëm eng kollektiv, eng politesch Responsabilitéit.**

Mäer brauchen awer och kéng Regierung déi mëscht, wéi wann déi ekologesch Transitioun eppes wär wéi eng „**Matmaachaktioun**“. No der Devise: de schéinste Virgäertche kritt e Präis an op Liewensdauer Geranie fir d'Blummekëscht geschenkt. Fräi no dem Motto, datt jiddwereen soll selwer kucken: Ween de Virgäertche well mat Schotter zouplasteren, och gutt.

Datt mir net falsch verstane ginn. Déi ekologesch Transitioun ass op **Akzeptanz** ugewisen. A wann dës Regierung thematiséiert, datt nach méi muss gekuckt ginn, datt d'Leit matgeholl ginn, ass dat richteg.

Ma d'Regierung huet awer och d'Responsabilitéit de Kader ze setzen a net d'Verantwortung op den Einzelnen ze verlageren an emol ze kucke wat da geschitt. D'Responsabilitéit kann net dem Gutdünken vum Einzelnen

iwwerlooss ginn an him domat och déi ganz Verantwortung iwwerdroe ginn. Mir hu just nach e puer Joer fir d’Jalonen ze setzen. Do ass déi do Aart a Weis vu Politik en No-Go.

Wéini, wéi ech de Background vun RTL mat der Gesondheitsministesch Martine Deprez gelauschert hunn, wuar ech e bëssche paff. Et goung drëm, datt d’Leit duerch d’Präventioun sollen en anert Verhale kréien. D’Fro vun der Journalistin wuar, ob dat dem Staat seng Responsabilitéit ass oder ob een d’Leit net soll léiwer gewäerde loossen. D’Ministesche sot:

„Wa jiddwereen en Eegeninteressi un allem hätt dat e betrëfft da bréichte mer keng rout Luuchten, da bréichte mäer keng Gesetzer. Well da géing ëmmer jiddereen op jiddwereen an op alles oppassen. Dat ass awer leider net esou. Mënsche si verschidden, Mënschen hu verschidden Interessen a meng Aufgab ass et fir d’Santé publique ze garantéieren.“

A bon, ech wuar paff. Ech wuarden op de Background mam Premier oder mat eisem Ëmweltminister wou et dann do heescht: *„D’Leit stinn hannert der ekologescher Transitioun, dat erginn all Ëmfroen. Ma mäer kennen et net dem Einzelnen iwwerloossen, wéini wat richtig ass. Wëll nëmme wa mäer zesummen un engem Strang zeien, klappt et. A lassgeléist dovunner, hu mäer iwwerhaapt kee Choix. Duerfir setze mir de Kader fir déi néideg Transitioun, schwätzen zwar den Detail vun der Ëmsetzung duerch ma bekennen eis zu de groussen Ziler. Et ass meng Aufgab derfir ze suergen, datt eis Liewensgrondlagen net definitiv zerstéiert ginn. An do brauche mer **och** gesetzlech a reglementaresch Reegelen a kloer Linnen.“*

Et ass wesentlech, datt musse Korrekturen um System kommen. System Change.

Ech huelen ee ganz konkreten Dossier: **D’Energietransitioun.**

Déi viregt Regierung huet en nationalen Energie- a Klimaplang erstallt, zu deem sech déi nei Regierung bekennt, wat jo mol positiv ass. Mais et ass kloer: D’Zil vun der Reduktioun vun den Zäregaser erreeche mäer just wa Lëtzebuerg eng CO₂-Steier huet, déi esou héich ass, datt den Tanktourismus agegrenzt an d’energeetesche Transitioun duerch de Präis mat ënnerstëtzt gëtt. Fakt ass awer: eist Nopeschland Däitschland huet seng CO₂-Steier schonn eropgehuewen. D’Resultat läit op der Hand: elo si mäer erëm méi

bëlleg, an domat wäert de Konsum erëm klammen. D.h. alles deit drop hin, datt mir déi Zieler am Klimaschutz net erreeche wäerten! Datt mäer och eis international Accorden net anhale kënnen.

Zweet Wourecht ass: Ab 2027 gëtt et en europäeschen CO2 Präis fir d'Heizen an de Verkéierssecteur. Dëse muss och Lëtzebuerg spéitstens 2030 ëmsetzen, an et gëtt seguer Leit déi mengen de Präis kéint dann eng 200 oder seguer 300 Euro pro Tonn sinn. Ma egal wéi: e wäert wesentlech mei héich si wéi eis ganz niddreg Steier vun elo 35.- Euro / pro Tonn CO2, déi bis 2026 just soll op 45.- Euro eropgoen. Gëtt driwwer geschwat? Leet d'Regierung eng Strategie op den Dësch wat dat do fir déi eenzel Secteuren heescht, wéi déi Steier sech graduell entwéckele soll (a net op ee Coup brutal) a wéi eng Begleedmoosname um Wee dohi sollen ergraff ginn? Mir kennen se net. Wa awer net reagiert gëtt, da woen ech mäer net virstellen, wat 2030 geschéie wäert.

Anert Beispill: Lëtzebuerg verpolvert wéi aner EU-Länner och zeg Milliounen fir d'Klima- an d'Biodiversitéitskris unzeferieren. Déi ominéis „**harmful subsidies**“, also ëmweltschiedlech Subventiounen. Mir hate wéini eis éischt kuerz Entrevue mam Ëmweltminister. Mäer hunn hien drop ugeschwat. Et huet an der Entrevue wierklech net esou geklungen, wéi wann hee schonn um Dossier geschafft oder en um Radar hätt. Dobäi ass dat dach dat éischt wat ee maache soll: Ophalen dermat staatlech Gelder net nëmmen aus der Fënster ze geheien, ma och nach auszegi fir géint seng eegen Ziler ze schaffen!

Oder e weidert Beispill: **D'Landwirtschaftspolitik**. Et ass jo positiv, datt de Landwirtschaftsdësch war. Ech kann och eng kloer Uso maachen: als Mouvement Ecologique versti mäer deelweis d'Roserei am Baueremilieu. Zenter zeg Joren ass op EU-Niveau ma och zu Lëtzebuerg kéng seriö Strategie ze gesinn, wouhinner d'Rees vun der Landwirtschaftspolitik soll goen. Villes leeft falsch an d'Conditione vun der Stee änneren och dacks. Wichteg Leeschtunge vu Bauere fir d'Allgemengheet gi net genuch finanziell unerkant, d'Bauere ginn weiderhin an ëmmer méi dem Drock vum Weltmarkt ausgesat a viles méi. Et ass ze verstoen, datt zu Lëtzebuerg all Joer X Betriber ophalen. Mir souze jo net um Dësch, ma no bausse wuar esou guer net erkennbar, datt iwwert déi **grondsätzlech** Fro wéi eng

Landwirtschaftspolitik mir muer wëllen hunn a wat duerfir haut an d'Wee ze leeden ass, geschwaat gi wäer. Et gouf scheinbar och net driwwer geschwat, datt – et ass nun emol esou – déi ablacklech Landwirtschaftspolitik maassgeblech responsabel ass fir d'Aartestierwen, also de Réckgang vun der Biodiversitéit. Datt se also esou net weider goe kann. Datt d'Ziel vun dem Erhalt vun eise Liewensgrundlagen an deem vun enger zukunftsfaeger Landwirtschaft mussen zesummebruecht ginn. Also no bause gong et erëm ëm Geneemegungen, wou d'Ëmwelt nerve géing. Duerfir plaidéiere mir derfir, datt och d'Ëmweltorganisatiounen um nächste Landwirtschaftsdësch ageluede ginn.

En anert Beispill: Duerchgréngung vun den Uertschaften an d'Siidlungspolitik. Mäer kennen eis dréinen a kéiere wéi mäer wëllen: Et gött méi waarm, wesentlech méi waarm. Mir brauchen dréngend Gréngs an eisen Uertschaften, fir datt een sech do an 20 Joer nach kann agreabel ophalen an d'Zuel vun den Hetztdoudegen net ze vill wíisst. Dat setzt viraus, datt anescht gebaut, d'Fläch anescht verdeelt gött. Ouni manner Auto, kritt ee kaum méi Gréngs.

Ech kéint déi Lescht nach ganz laang weider feieren. Néideg si Choix'en – néideg si strukturell Korrekturen um System! An vun esou fundamentalen Demarchen héiert een am Moment esou guer näischt.

Fir déi Eeler hei am Sall, erféiert elo net ze vill, well schlecht Erënnerungen héich kommen. Erënnert Dir iech u 1970? De Misäre deemools am Land ?

Well wësst der, 1970 gouf de weltwäiten Overshootday de 29. Dezember erreicht. Eigentlech ware mäer also du weltwäit guer net esou schlecht wat de Respekt vun den ekologesche Grenze vum Planéit betrëfft. Haut ass et de 27. Mee, zu Letzebuerg seguer de 15. Februar. Geet et eis am Verhältnis zu deemools also esou vill besser, datt et sech gelount huet, datt mäer eise Planéit zerstéieren? An just zur Informatioun: an d 60er Jore goufen et och nach eng 6000 Koppelen vum Feldhung, haut ass et warscheinlech ausgestuerwen.

Sécher, net alles war 1970 gutt an Entwécklung grad an de Länner vum Süde wuare néideg. An awer. Firwat ech dëst Beispill huelen: Ma engersäits fir ze weisen, datt wann d'Regierung 1970 déi richteg Decisiounen geholl hätt, mäer haut total anescht géingen do stoen. Bal net virstellbar, wann deemools

d'Energietransitioun ugaange gi wär oder eis Uertschaften duerchgréngt oder eng Regionaliséierung vun der Produktioun ugestriift gi wäer.

Anersäits awer och fir Leieren draus ze zeien. Firwat huet d'Situatioun zënter de 70er Joren esou dérappéiert? Engersäits ass et bestëmmt, well z.B. déi richteg Technologie net esou entwéckelt goufen, wéi néideg. Ma sécherlech och well awer och alles op de Wuesstem a Konsum gesat gouf.

A wéi geet et elo weider: De Wuesstemszwang huet sech verselbststännegt. De System muss wuessen, datt en net kollabéiert. Haut ass Wuesstem net mei do fir wierklech Mängel ze behiewen, ma fir de System deen eis net gutt deet um lafen ze halen.

Ech hunn do einfach Loscht iech folgend Zitat virzeliesen vun enger Firma di Sportschung *hierstellt: Um deine Schnürsenkel richtig zu binden, musst du zuerst einen Style finden, der zu dir und deinen Schuhen passt. Nimm dir die nötige Zeit dafür, bevor du deine neuen Treter ausführst, damit du von Kopf bis Fuß cool aussiehst. Jedes Detail zählt, wenn du ein Streetwear-Champ sein willst.*“ a weider: „*zeige deine Persönlichkeit*“. Si mäer do ukomm, fir datt de System nach *dréint?* Musse well Stréckelen hierhaalen, fir datt ëmmer nei onnetz Saache fonnt ginn fir de Konsum um laafen ze haalen?

Erlaabt mer e Gedankesprong an d'Zukunft. D'Joer 2049.... Woubäi ech déi geopolitesch Spannungen a Kricher ausblenden

Szenario 1: Milliounen Klimaflüchtlingen déi op Europa zoukommen, massiv Stierm an Iwwerschwemmunge bei eis an erdréckend Hëtzen am Summer wou zeg Leit stierwen. Radikal deziméiert Bëscher déi d'Klimakris net gepackt hunn. Leit déi, wéi elo schonn an Deeler vu China, Planze kënschtlech bestäube well déi natierlech ze vill ausgestuerwe sinn. Lëtzebuerg nach méi verbaut a versigelt.

Ok. Szenario 2: Trotz de massiven Ustrengunge géint d'Klimakatastrophe gétt et nawell vill Klimaflüchtlingen, ma an de Länner vum Süde gouf och massiv investéiert, datt Leit hier Heemecht net hu misse verloossen. Fräihandelsaccorden si sozial an demokratesch a baséieren net mei op der Ausbeutung vu Mënsch a Natur. Duerchgréngte Stied sinn eng Selbstverständlechkeet, erneierbar Energië stellen eis Energieversuergung

sécher. Mir si fortkomm – wann och mat e puer Stolpersteng – vum Dogma vum Wuesstem a Modeller wéi d'Gemeinwohl, Sharing, Solidaritéit a Matenee sinn eng Selbstverständlechkeet. D'Bauere verstinn 2049 guer net méi firwat hier Virgänger:innen net all bio waren, well d'Virdeeler och fir si sinn immens.

Mir als Mouvement gleewen un de Zenario 2. Mir setzen eis duerfir an. Wëll wa mäer hei setzen, ass et jo net – wéi den Här Juncker géing soen – well mir en erotescht Verhältnis zu Gesetzer oder esou hunn. Ma wëll mir fir positiv **Zukunftsvisioun** stinn a fir konsequent handeln elo stinn. **Et gött der déi soen, et kéint een haut de Kanner kaum nach eng besser Welt hannerloossen, et misst ee scho frou si wann se net méi schlecht gött. Neen! Dat menge mir net. Mir gesinn déi Zukunftsvue, wou et wesentlech mi flott gött!**

Allerdéngs sinn elo grondsätzlech Entscheedungen a Choixen néideg, a net e bürokratescht verwalte vun Dossieren:

Dës Regierung stellt sech jo als „Macherregierung“ duer. Da soll se déi „Machermentalitéit“ elo weisen an d'Transitioun ugoen. 22 konkret a kloer Fuerderunge vun eis, déi stellvertriedend si fir anerer:

1. Wuesstemsfro däerf keen Tabuthema mei sinn: Et muss offen driwwer geschwat ginn, datt net e ganze Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell ka vum Wuesstem ofhänken, mäer brauchen eng graduell Ëmgestaltung vum System. Mäer brauchen eng Analys an éischt Instrumenter a mussen erstallt ginn, fir dat eise Sozialsystem net méi an deem Ausmooss vun engem Wuesstem vun 3-4%/ Joer ofhänkt
2. DE PIB du bienêtre muss als Bemessungsgrondlag fir d'politesch Prioritéite geholl ginn
3. D'Ofschafe vun ëmweltschiedleche Subsiden: De Staat soll net weider mat Steiergelder d'Klima an d'Biodiversitéitskris subventionéieren
4. „Diverst“; keng Finanzéierung vu Gas, Atomkraaft a Konzernner déi Mënscherechter mëssuechten
5. E konsequente Plang zur Reduktioun vun dem Asaz vun de Pestiziden ëmsetzen – Biolandbau richteg viru bréngen

6. Kloer Virgaben an Instrumtener, fir datt eis Gemenge mi gréng gi fir d'Liewensqualitéit ze erhalen an den Auswierkunge vun den Hëtzen entgéint ze wierken
7. Fir eng nohalteg Steierreform: mei héich Bestierung vum Ëmweltverbrauch a Kapital
8. Biologesch a regional Produiten an allen ëffentleche Kantinnen
9. Anhale vun de Paräisser Klimaziler an Investitiounen an de Fong fir „Loss and damages“ wéinst eiser historiescher Schold par Rapport zu de Länner vum Süden
10. De „green budgeting“ sou wéi an anere Länner aféieren
11. Landwirtschaft reforméieren: Fort vum Weltmarkt, Fort vu Primmen op der Gréisst vun der Fläch- hin zu der Entlounung vu wierkleche gesellschaftleche Leeschtunge vun de Baueren
12. Stopp dem Biodiversitéitsverloscht besonnesch am Beräich vum Offeland
13. Erhéijung vun der CO2-Steier a Begleedmoosnamen fir Betriber an der Transitioun
14. Kloer Ëmsetzung vun dem Liwwerkettegesetz
15. Konsequenter Fërderung an Ëmsetzung vum „Reuse, repair share“ a Kooperatioun mat Aarbechtsinitiativen
16. Leit mat mander Geld mathuelen um Wee vun der Transitioun – eng wierklech sozialgerecht ekologesch Transitioun hikréien
17. Absolut Prioritéit fir den Ausbau vum Tram, dem ÖT, der doucer Mobilitéit – keng weider Stroossen, an och kee Contournement Käerjeng an Hesper
18. Reform vum System vun de Kompenséierungen déi dem Naturschutz neischt bréngen, a jo zum Aktiounsplang Naturschutz
19. Mir brauchen eng Siidlungsentwécklung, wou et fäerdeg bréngt, nohalteg ze baue mat flotten ëffentleche Plazen
20. Engagement fir e gerechte Welthandel, Neen zu dem Fräihandelsaccord Mercosur
21. Jo zu engem Lëtzebuerg, dat sech konsequent op EU Niveau a setzt fir en ekologesch Europa!
22. NEE Zu Atomkraaft.

A mir brauche schlussendlech net nëmmen eng technesch, ma eng gesellschaftlech Innovatioun an Transitioun.

An ech well vläicht domat ophalen: mir Mënschen sinn een Deel vun dëser esou wonnerschéiner Welt. Vun der beandrockender Natur, der Schéinheet vu Landschaften, Bierger, Mier ... Der Inspiratioun vun enger Déierewelt... Mir si net laang op dëser Welt, kommt mer genéissen se an erhalen se de nächste Generatiounen a verschwenden net eis Zäit mat huelem Konsum a striewen no ëmmer méi. A kommt, mir weisen der Politik, wat fir eis e Sënn vum Liewen op dëser Welt ass a wëssen de Mateneen, d'Solidaritéit an d'Frëndschaft ze schätzen, an net d'Gier an d'Konkurrenz.

An deem Sënn: ech wënschen eis e gudde Kongress.

21.03.24